N°2571
Entrée le 04.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.07.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

De Konflikt tëschent Israel an Gaza huet vill Leed fir déi zivil Bevëlkerung mat sech bruecht an dëst souwuel op israeelescher Säit esou wéi op der Säit vun de Palästinenser. Vill Mënsche sinn aus der Regioun geflücht: Palästinenser an och Israeeli. Israeler:innen oder Mënsche mat jiddeschem Glawen, déi an europäesch Stied ausgewandert sinn, beriichten awer, dass si sech hei net sécher spieren. De Konflikt a Gaza ass nämlech och hei héich politiséiert a polariséiert d'Gesellschaft. Et dierf awer net sinn, dass Mënschen opgrond vun hirer Hierkonft oder Glawen diskriminéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wéi steht et ëm d'Sécherheet vun eise jiddesche Matbierger:innen souwéi israelesche Staatsbierger:innen hei am Land?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten